



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

REÇU
Par Aiff Christian , 09:37, 20/10/2020

Référence : 834x894a1

Luxembourg, le 19 octobre 2020

Concerne : Question parlementaire n° 2834 du 16 septembre 2020 de Messieurs les Députés
Jeff Engelen et Roy Reding concernant les conséquences fiscales du télétravail

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire
sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA



Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, vum Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft, Dan Kersch, vum Minister fir sozial Sécherheet, Romain Schneider, a vum Aussen- an Europaminister, Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Ufro N°2834 vum 16. September 2020 vun den honorabelen Deputéierten Jeff Engelen a Roy Reding bezüglech den fiskaleschen Konsequenzen vum Télétravail

Déi honorabel Deputéierten erwänen an hirer parlamentarescher Fro déi bilateral Accorde mat eisen dräi Nopeschlänner, déi et de jeeweilege Frontalieren erméigleche bis Enn vum Joer op den Télétravail zeréckzegräifen ouni steierlech Konsequenzen an hirem Heemechtsland ze hunn, bezéiungsweis eng Ännerung vun hirer Affiliatioun an der sozialer Sécherheet.

Et sief drop higewisen, datt dës Accorden op Initiativ vun der lëtzebuerger Regierung an zesummen mat onsen Nopeschlänner geholl gi sinn, am Sënn vun der Gesondheet vun all de Bierger op béide Säite vun der Grenz a mam kloeren Zil d'Ausbreedung vun der Pandémie ze begrenzen an d'Gesondheetssystemer ze schützen. Dës Accorden sinn och ouni Verpflichtungen, finanziell Ausgläich, Konzessiounen oder Géigeleeschungen an déi eng oder aner Richtung geholl ginn. Deemno ass och keng spezifesch Koordinatioun an deem Kontext virgesinn. Et sief awer drop higewisen dass d'Regierung, esou wéi et am Koalitiounsaccord 2018-2023 virgesinn ass, en « Comité de coordination interministérielle pour la coopération transfrontalière (CICT) » geschaf huet, deen allgemeng Projeten an déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht tèschent Lëtzebuerg a sengen Noopeschlänner koordinéiert.

Fir de Beräich vun der sozialer Sécherheet, ass et esou dass d'Koordinatioun tèschent de Systemer vun de jeeweileg Länner duerch d'europäesch Reglementatioun definéiert gëtt. Doriwwer eraus kënne bi- oder multilateral Accorden, déi am Sënn vun de betraffene Persounen sinn, spezifesch Dispositiounen virgesinn. Dës ass de Fall fir d'Grenzgänger déi Télétravail maachen, awer weiderhin am Lëtzebuerger System vun der sozialer Sécherheet affiliéiert bleiwen.